



► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Jo, déi gréng sinn och der Meenung, datt Lëtzebuerg sech soll EU-wäit an an internationale Gremien derfir asetzen, datt mer gutt Relatiounen mat Russland hunn a behalen. Jo, och mir wënschen eis, datt d'Rhetorik vum Kale Krich der Vergaangenheet ugehéiert an datt mer net méi sollen dorobber zrëckgräifen. Et ass schonn erwänt ginn, datt effektiv vu russescher Säit, och well se d'Gefill hunn, datt et eng onfrëndschaflech an eng geschlossen Haltung vun der NATO vis-à-vis vun hirem Land gëtt, datt si sech duerfir an den oder nei an e Kale Krich zrëckversat fillen. Dat ass alles net glécklech an dat ass eppes, wou mer eis och géife freeën, wann déi Relatiounen mat Russland géifen erëm besser ginn. A Lëtzebuerg soll säi Bäitrag dozou bréngen.

Déi Motioun hei kënne mer als gréng Fraktioun allerdéngs net matdroen, aus enger ganzer Rei Ursaachen. Ech ginn net op se alleguerten an. Mir hu jo och nach a 14 Deeg en aussepolitischen Débat, do kënne mer nach op eng ganz Rei Aspekter agoen. Ech wëll just zwee Punkten hei opgräifen.

Firwat? Majo, mir haten zum Beispill de 4. Dezember 2015 eng Entrevue hei an der Chamber mat enger Delegatioun vu russesche Journalisten. Dat waren der an déi 20. An dat war jo e puer Deeg, nodeems déi Motioun hei déposéiert gi war. An do hat den Auteur vun där Motioun ënner anerem och déi Punkten opgeworf, zum Beispill d'Gläichsetze vun der Krim mam Kosovo, an en ass vun engem russesche Journalist awer kritesch erëmgeholl ginn am Fong geholl, dee gesot huet: „Et gëtt fundamental Ennerscheeder tëschent deem, wat am Kosovo geschitt ass, an deem, wat op der Krim geschitt ass.“

Effektiv, den NATO-Asaz ass och ouni Schloss vum UN-Sécherheitsrot geschitt. Dat ass kritikabel an dat gëtt jo och nach bis op den heitegen Dag vun enger Rei Länner kritiséiert. Dat ass awer dann déi eenzeg Gemeinsamkeet. Ech mengen, déi ganz Entwécklung am Kosovo war eng Reaktioun op dat, wat a Serbien, am bosnesche Serbien geschitt ass, wat zu Srebrenica geschitt ass. An et ass och ni drëm gaangen, datt de Weste wollt sech e Land einverleiben oder an en aner Land et abréngen.

An en zweete Punkt, deen do och opgeworf ginn ass, dat war, datt mer Russland géife brauche bei der Hëllef am Kampf géint den Terrorismus. An do huet de russesche Journalist och gesot: „Majo, sidd Der da sécher, datt Russland wierklech an där...“ - mir sinn hei beim 4. Dezember, an ech mengen, d'Entwécklung huet do och gewisen, datt seng kritesch Fro net falsch war - „Sidd Der da wierklech sécher, datt Russland sech do mat areit an deeselwechte Kampf géint deeselwechten Terrorismus? Oder kann et net duerchaus sinn, datt och Russland hei eegen Interessien am A huet an déi verfollegt?“

Soudatt ech mengen, natierlech brauche mer Russland am Kampf géint den Terrorismus, mä dat ass keng Ursaach, fir iergendeng Sanktioun opzehiewen. An et ass och net glécklech, wann ee Sanktiounen, déi verhaange gi si weinst der Ukrain, mat eppes anescht verbënnt.

Ech wier iwwregens och interesséiert, Här President, vläicht misst een emol nofroen, ob déi russesch Delegatioun vu Journaliste gutt ukomm ass an ob se och nach haut alleguerte wuel a fräi a gesond sinn. Dat géif mech wierklech och interesséieren, well déi Äusserung, déi war a mengen Ae ganz staark.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech géif gären nach iwwert d'Ukrain schwätzen, mä dat loosse ech da fir den aussepolitischen Débat, dee mer geschwënn hunn. Mir wäerten also déi Motioun hei net matstëmmen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech mengen, nodeems ech hei e puer Interventiounen och héieren hunn, déi deem engen oder deem aneren an haapt-sächlech deem engen d'Schold zouweisen, muss een ni aus den Ae verléieren, datt déi richteg Konflikter tëschent den Oligarchië sinn: der russescher Oligarchie géint hiert eegent Vollek, der ukrainescher oder den ukraineschen Oligarchië géint hiert eegent Vollek, den US-Oligarchië géint hiert eegent Vollek an den EU-Oligarchië géint hiert eegent Vollek. An dat alles kristalliséiert sech natierlech och an der Ukrain. Et ass kee Kampf tëschent Vëlker!

An déi, déi eng Kale-Krich-Rhetorik sech erëm erbäiseenen: Den Här Medwedew huet dat viru Kuerzem gemaach; en äntwert nëmmen dorobber, och op seng Quasispigelbiller am Westen an och déi aner Säit vum Atlantik.

Mir waren ëmmer géint Sanktiounen als Lénk, well mer et wierklech net agesinn, a mir woussen, a jiddwereen, dee bis zwee ziele konnt, dee wouss, datt se éischens näischt géife bréngen an datt se d'Situatioun nach just géife verschärfen! An datt mer elo zu Kiew eng ganz komesch Regierung tëschent Gangsteren, muss een awer soen - Oligarchen, Mafiosi a Rietsextremer -, setzen hunn a plus ou moins datselwecht zu Moskau och, an datt d'Situatioun a Russland sech ëmmer méi verschlechtert! Et gi souguer Leit leider och am Westen, déi mengen, datt den Här Putin de groussen Held vum Vollek wier. Ech muss soen, datt mir als Lénk dat guer net esou gesinn. En ass och de Copain vun den Oligarchen dohannen. An dat ass d'Situatioun, an där mir elo sinn. Dat hätt een alles kënne verhënnere.

Elo si mer natierlech an enger Situatioun, datt ee kéint soen, datt déi heite Motioun encouragéiert, fir géint d'Sanktiounen ze goen. Mir wäerten déi Motioun awer net ënnerstëtzen, well e puer Considéranten dra sinn, mat deene mer guer net averstane sinn.

Natierlech gëtt och op d'Interesse vun der Finanzplaz higewisen. Dat wier och interessant ze gesinn, wat fir eng Liene ganz genau eis Finanzplaz mat russeschen, „lupenreinen“ Leit huet. Et ass weiderhin eng Kale-Krich-Rhetorik och an deser Motioun.

An ech géif gäre wëssen, wat een ënner „modéiert Kräften“ versteet. Am Balkankrich krute mer erzielt, de Karadžić ass de Moderéierten an de Milošević ass den Nazi. Duerno, e puer Méint drop, war de Milošević (veuillez lire: de Karadžić) den Nazi.

Mir kruten och vum Här Fabius erkläert, datt a Syrien d'Al-Nusra, dat wiere Moderéierter. Op eemol ass et d'ISIS, Daech. Also, iergendeng Kéier muss een dat och e bëssen erklären! Ech mengen, déi, déi un der Muecht sinn, souwiso an der Ukrain an a Russland, do ass kee moderéiert!

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun iwwert d'Motioun. An d'Wuert huet den Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, ech wollt awer just soen, mat allem Respekt, ech mengen, IS ass awer nach ni unerkannt ginn als déi Moderéiert, vu kengem! Gutt.

(Interruption)

Mä, Här President, ech wollt och der Chamber recommandéieren - an ech mengen, mir si jo um gudde Wee, ech brauch keen ze iwwerzeegen -, dass een déi Motioun do net soll stëmmen. Also ech mengen, vill Leit heibanne sinn awer mat mer d'accord, dass Lëtzebuerg, an net nëmmen am Problem mat der Ukrain oder der Krim, ëmmer op där Säit war, fir ze probéieren, eng aussepolitesch, eng diplomatesch Balance ze halen. Respekt virum internationale Recht: Ech mengen, e klengt Land wéi Lëtzebuerg muss sech dat ganz héich als Prioritéit dohinnerstellen!

An dat Zweet, dat ass, déi diplomatesch an déi politesch Kanäl mat Russland net ze kappen.

Internationalt Recht: Ech mengen, mir hunn eis Debatt. Mä ech wëll awer hei soen, nodeem ech jiddwerengem nogelauschtert hunn, och deem éischte Riedner, dass d'Krim zënter den Zäite vum Chruschtschow zur Ukrain gehéiert huet an dass op eemol, ech mengen, et war den 1. Mäerz 2014, d'Krim aus Kreml-Sicht Deel vu Russland wier. Ech wëll hei just soen, dass et vun 193 Länner op der Welt der nëmme fënnf gëtt, déi net unerkannt hunn, mä déi eng Deklaratioun gemaach hunn, dass se kéinten op dee Wee goen; dat ass Syrien, et ass Nordkorea, et ass Nicaragua, Afghanistan a Venezuela.

Bon, den Här Kartheiser freet, dass d'Regierung sech soll Gedanke maachen iwwert de Statut vun der Krim. Also, wann een net grad d'Qualitéit huet, Här President, vun engem Duebel-agent, dann, mengen ech, weess een,...

(Brouhaha)

...wat Sezessioun ass a wat Annexioun ass. Ech mengen net, dass een do grouss Philosophien an Theaterstécker misst schreiwen. Dat ass kloer.

Ech wëll och hei soen, den Här Gusty Graas... an och elo, ech mengen, et ass nach eng Kéier och ugeschwat ginn, e Kale Krich, dat ass effektiv, ech war zu München, et war zwar en Zweifel, et war e klengen Doute do, mä den Här

Medwedew huet als Premierminister selwer gesot e gewëssene Moment - op jidde Fall esou ass et iwwersat ginn -, mir wieren erëm am Kale Krich. Ech mengen, dat musse mer natierlech verhënnere. An do gëtt et awer nach Hoffnung allerdéngs, mengen ech, an der Europäescher Unioun, dass mer do net eleng sinn.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo net op déi Debatt agoen. Ech mengen, mir haten déi elo iwwert d'Ukrain. Ech hu festgestallt, datt heibanne jiddweree seng Zweifel huet iwwert déi Sanktiounen an déi relativéiert. Dat ass u sech eng positiv Entwécklung.

Neen, ech hunn d'Wuert nach eng Kéier gefrot, well den Här Ausseminister a sengen Ausféierungen et net konnt loosse, fir drop unz spillen, ech wär en Duebelagent. Ech weess net, firwat en dat gemaach huet. Wollt e meng Kreditabilitéit a Fro stellen? Dofir wollt ech em nach eng Kéier eppes ganz kloer un d'Häerz leeën: Jo, ech wor Duebelagent am Kale Krich. Ech hunn dat gemaach, well deemools d'Sowjetunioun probéiert huet, mech als Agent ze rekrutéieren. Si sinn et, déi u mech erugetruede sinn, fir mech als Agent fir d'Sowjetunioun ze rekrutéieren.

Ech hunn dat deemools gemaach,...

(Interruptions)

...ech hunn dat deemools gemaach an ech hunn et direkt gemellt gehat. Deen Abléck, wou d'Sowjetunioun mech kontaktéiert hat, hunn ech nach deeselwechten Dag dem Lëtzebuurger Geheimdéngscht gemellt, datt dat geschitt wär. De lëtzebuergesche Geheimdéngscht huet sech mat der CIA a Verbindung gesat. De lëtzebuergesche Geheimdéngscht zesumme mat der CIA hu mech gebieden, esou ze maachen, als géif ech mech vun der Sowjetunioun rekrutéiere loosse a fir si schaffen. Dat hunn ech gemaach am Kale Krich! Ech hunn dat e puer Joer laang gemaach.

Ech hunn näischt gemaach, wat eng Onéier gewiescht wär fir dëst Land. Ech hunn näischt gemaach, wat eng Onéier fir mech wär. An ech géif mer erwaarde vun engem Member vun der Regierung haut, fir ze honoréieren, datt och deemools an haut et nach Leit gëtt, déi sech fir déi Idealer asetzen, wéi ech et deemools gemaach hunn, fir déi Fräiheet, déi ech haut verdeedegen!

(Interruption)

Eppes, wat ech deemools net geduecht hunn an haut nach net denken, an eppes, wat ech deemools ni gemaach hunn an och haut net denken: Ech hunn nimools géint Russland oder géint d'Russe geduecht oder geschafft! Ech hu géint e Regimm geschafft, deen eng Oppressioun duergestallt huet, eng Diktatur, déi Russland ënnerdréckt huet ënnert dem kommunistesche Fändel! Dat wor de Géigner an der Sowjetunioun am Kale Krich!

Ech schumme mech net fir dat, wat ech gemaach hunn! Ech hunn deemools meng Pflicht gemaach. An datt Dir haut als Lëtzebuurger Minister dohikommt a probéiert, meng Kreditabilitéit ze diskreditéieren,...

(Exclamations)

...dat ass...

(Brouhaha)

Dat ass éischens historesch onfair.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass net fir ze laachen!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Et ass och net fir ze laachen. Et ass e Mangel u Maturitéit, fir doriwwer ze laachen. Fir d'Éischt kommt Der...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Fir d'Éischt kommt Der a probéiert mech do-duerch ze diskreditéieren an da sidd Der emol net capabel, fir ze soen: „Hei, et deet mer leed, ech hunn do e falsche Geste gemaach“! Neen, dat hutt Der net gemaach!

(Interruption)

Ech fannen, et ass un der Zäit, Här Minister, datt och Dir fir lech ofkläert, wéi Dir zu der Vergaangenheet vum Kale Krich stitt. Et gëtt Leit, déi kloer eng Décisioun geholl haten, fir eise System géint de Warschauer Pakt ze schaffen. Zu deenen hunn ech gehéiert. Ech weess net, ob d'Sozialistesche Partei deemools ëmmer déiselwecht Décisioun geholl hätt!

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

(Interruption et brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat wär de Fait personnel évakéiert. An ech géif och mengen, dass, wann een e Fait personnel évoquéiert, een dann och net selwer soll attackéieren. Merci villmools.

A mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

(Interruption)

Jo, Merci. Mir notéieren dat.

Dat heescht, d'Motioun ass mat 57 Nee-Stëmmen an 3 Jo-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Merci.

10. Ordre du jour

Da géife mer zum nächste Punkt oder zu deenen nächste Punkte zum Ordre du jour iwwergoen. Dat sinn d'Projete 6786 an 6802, ëmmer Ratifikatiounen vu Konventiounen, wat d'Sécurité sociale ugeet, mat Albanien a mat Japan. An d'Rapportrice ass d'Madam Taina Bofferding, déi déi zwee Rapporte matenee wäert maachen. Mir diskutéiere se och herno zesummen a mir stëmmen da separat of.

11. 6786 - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Japon, signée à Tokyo le 10 octobre 2014

6802 - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Albanie, signée à Luxembourg le 27 octobre 2014

Rapports de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **Mme Taina Bofferding** (*LSAP*), *rapportrice*.- Gutt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren dann elo weider mat enger Rëtsch Konventiounen, déi musse gestëmmt ginn. Et sinn, dat muss een agestoen, net grad déi brisantst politesch Gesetzer, déi dobaussen d'Masse bewegen, allerdéngs sinn esou Konventiounen wéi déi heiten am Beräich vun der sozialer Sécherheet awer ganz wichteg.

Et gëtt e sozialen Aspekt, deen ënner anerem d'Pensiounsrechter vun de schaffende Leit regelt, an och e wichtege ekonomeschen Aspekt fir d'Betriber, fir Kloeerheet ze kréien, wéi d'Cotisatione geregelt sinn. Och dat ass en Atout, deen een net vun der Hand soll weisen, fir dass d'Entreprises an engem juristeschen séchere Kontext kënnen operéieren.

Dat heiten ass déi éischt Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Japan a si entsprécht allgemeng dem Modell vun de bilaterale Konventiounen, déi eist Land och mat anere Staaten ofschléisst. De Champ d'application vun der sozialer Sécherheet viséiert allerdéngs ausschliesslech d'Assurance pension de vieillesse, d'invalidité an d'Survie. Virgesinn ass d'Méiglechkeet, fir am Beräich Maladie eng Assurance volontaire ofzuschléissen. Fir de Rescht ass d'Assurance maladie aus deser Konventioun ausgeschloss, grad wéi d'Assurance accident, Prestatiounen am Chômage an d'Familjeleeschungen.



D’Konventioun baséiert op deene generelle Prinzipien, déi an deem Beräich gëllen, nämlech der Egalité de traitement an der Exportatioun vun de Prestatiounen. Weider regelt d’Konventioun de Prinzip vum Détachement. Et ass virgesinn, dass den Travailleur détaché där Legislatioun vum Pays d’origine ënnerläit. Dat heescht, dass d’Legislatioun vun deem Land applikabel ass, wou déi Persoun normalerweis hir beruflech Aktivitéit ausüübt. Et ass och virgesinn, dass den Détachement fir eng Period vu 60 Méint accordéiert ka ginn, mat Verlängerung, falls d’Emstänn dat verlaangen.

Eng aner Derogatioun betrëfft d’Salariée vun de Fluchtransportgesellschaften. Déi bleiwen där Legislatioun vun deem Land ënnerworfen, an deem d’Entreprise hire Siège huet. An d’Séileit ënnerleien där Legislatioun vun deem Land, wou si hire Wunnsätz hunn. Dës Optioun, déi d’OIT, also d’Organisation Internationale du Travail, ënnerstëtzt, gouf och schonns an anere Konventiounen, wéi mat Indien, Argentinien oder och Moldawien, zrëckbehalen.

Interessant ass och nach ze wëssen, dass d’Konventioun d’Totalitéit vun den Assurancëjoren als Prinzip unerkennt. Dat gëllt och am Zesammenhang mat de Babyjoren, déi jo ugerechent ginn am Kader vun der Pensiounsversicherung, virausgesat déi concernéiert Persoun war fir d’Lescht der Lëtzebuurger Pensiounsversicherung ënnerstallt.

A sengem Avis huet de Statsrot eng Remarque gemaach iwwert den Artikel 10, dee seet, dass d’Partië kënnen Ausname virgesi par rapport zu den Article 6 bis 9, dat op Demande vun engem Salarié, engem Employeur oder och op Demande vun engem Netsalarié. De Statsrot betount, dass Accorden iwwer esou Ausname misste vum Parlament approvüiert ginn.

Wat d’Arrangements administratifs ugeet, déi am Artikel 22 virgesi sinn, do fënnt de Statsrot, dass eng Publikatioun am Mémorial géif duergoen, esou wéi dat och schonns bei verschiddene fréiere Konventiounen de Fall war.

Weider hate mir och an enger vun eise Kommissiounssitzungen eng ganz interessant Diskussioun iwwert d’Sprooch vum offiziellen Text. Oft ass et esou, dass deen an zwou Sproochen verfaasst gëtt, eng kéier op Franséisch an dann och an där Sprooch vun deem Land, mat deem verhandelt gouf. Bei dëser Konventioun mat Japan gouf sech op Englesch geeenegt, fir sech kënnen ze verstännegen, woubäi beim Projet eng franséisch Traduktioun annexéiert gouf. D’Fro gouf opgeworf, wéi een Dokument, also den offiziellen Text op Englesch oder déi offiziell Traduktioun op Franséisch, am nationale Recht ugewannt gëtt. Vu dass d’Konventioun op Englesch ausgehandelt an ënnerschriww gouf, ass den engleschen Text schlussendlech deen, deen zielt.

Zur legislativer Prozedur vun dësem Projet ass ze soen, dass dee vum Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, den 2. März 2015 déposéiert gouf. De Statsrot war ganz fläisseg. Direkt eng Woch duerno, den 11. März, gouf de Projet schonn aviséiert. An der Reunioon vum 3. Februar dëst Joer gouf an der zoustänneger Chamberskommissioun de Projet presentéiert, zesumme mam Avis vum Statsrot, woubäi ech dann och als Rapportrice nominéiert gouf. Den 22. Februar gouf da mäi schrëftleche Rapport ugeholl.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

A wéi den Här President schonn ugekënnegt huet, wäert ech dann direkt weiderfuere mat dem Rapport vum nächste Projet, well hei handelt et sech och ëm eng Konventioun, déi där heiter mat Japan ganz staark änelt. Et geet ëm d’Konventioun, déi mer mat Albanien wellen ofschléissen.

De Projet de loi 6802 gouf nach eng kéier vum Ausseminister, dem Jean Asselborn, de 15. Abrëll 2015 hei an der Chamber deponéiert. Den Avis vum Statsrot koum den 19. März d’lescht Joer. An der Sitzung vun der zoustänneger Chamberskommissioun den 22. Februar gouf mäi schrëftleche Rapport ugeholl an och wéi bei der viregter Konventioun ass dat heiten och déi éischt, déi Lëtzebuerg mat Albanien ageet, fir och esou déi sozial Rechter vun de schaffende Leit unzëerkennen.

Allerdéngs sinn hei d’Beräicher vun der Applikatioun limitéiert. Couvriert sinn deemno just d’Assurance pension de vieillesse, d’invalidité an déi vun der Survie. Ausgeschloss sinn de Voleit vun der Assistance sociale an d’Prestatiounen fir d’Krichsaffer. Och d’Assurance maladie ass net concernéiert, an dat op Wonsch vun Albanien weinst dem Käschtepunkt, well dat bedeit hätt, fir am Fall vun enger Behandlung zu Lëtzebuerg déi reell Fraise missen ze rembourser.

Wéi och fir déi aner Konventiounen am Beräich vun der sozialer Sécherheet gëllen déi fundamental Prinzipien vun der Egalité de traitement, der Exportatioun vun de Prestatiounen, d’Totalisatioun vun den Assurancëperiode grad wéi d’Méiglechkeet, fir eng Assurance volontaire am Beräich vun der Maladie ofzeschléissen.

Am Prinzip gëllt fir den Travailleur déi Legislatioun vum Land, wou e seng beruflech Aktivitéit ausüübt. An d’Séileit ënnerleien hei awer där Legislatioun vun deem Land, ënnert deem sengem Fändel d’Schëff fiert.

Wat den Détachement ubetrëfft, esou gesäit d’Konventioun vir, dass während 24 Méint den Travailleur där Legislatioun ënnerläit, wou hien normalerweis drënnerfält. Déi Period kann awer och hei verlängert ginn, wann en Accord zwëschen deenen zwee concernéierte Länner besteet.

Eng aner Derogatioun viséiert d’Salariée vun den Transportgesellschaften. Déi bleiwen och där Legislatioun ënnerworfen, wou d’Gesellschaft hire Siège huet, ausser d’Transportgesellschaft huet nach eng Néierloossung an deem betrafene Land.

Dann nach zum Avis vum Statsrot. Dee mécht virun allem Remarquen zu dem Artikel 13 an dem Artikel 18. Den Artikel 13 betrëfft grad wéi am viregte Projet Exceptionen, dëst zu den Artikelen 9 bis 12. An déi misste vum Parlament approvüiert ginn. Wat par contre déi administrativ Arrangementen am Artikel 18 ugeet, déi just d’Emsetzung vun engem Traité betreffen, do wier dat net néideg, seet de Statsrot.

Weider insistéiert hien dofir awer, dass dës Arrangementen müssen am Mémorial publizéiert ginn, esou wéi den Artikel 37 vun eiser Verfassung et virgesäit. Am Moment gëtt dat effektiv net esou gemaach, och wann de Statsrot ëmmer nees a sengen Avisen drop hiweist. D’Vertrieder vun dem concernéierte Ministère hunn awer verséichert, dass si kucken, fir an Zukunft am Mémorial dëst ze verëffentlechen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dëst war da ganz kuerz dat Wichtegst aus deenen zwou Konventiounen. Ech ginn domadder och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun an invitéieren lech, dat Nämlecht ze maachen, dësen zwou Konventiounen zouzestëmmen, a soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech wollt d’Fro stellen, ob d’Interventiounen sech op den Accord limitéieren.

(Assentiment)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Wann dat de Fall ass, wollt ech de Minister froen, ob en dozou wëllt Stellung huelen.

Den Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Jo, Merci, Här President, ganz kuerz. Ech mengen, ech wollt fir d’Éischt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir souwuel der Rapportrice e grouse Merci ze soe fir hire schrëftlechen a virun allem och mündleche Rapport vun de Mëtteg, awer och virun allem der Kommissioun, déi ganz schnell, mengen ech, dës Konventioun analyséiert huet an eigentlech an där Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, déi richteg Froe gestallt huet an, ech mengen, och déi richteg Äntwerte kritt huet.

Ech mengen, mir haten d’Diskussioun iwwert d’Sprooch vun den Texten, déi mer hei géife verabschieden. Alles dat konnt gekläert ginn an der parlamentarescher Aarbecht. An ech mengen, et ass elo gutt, datt mer dës Konventiounen mat Japan a mat Albanien hei Approbatioun ginn, well och an deene Parlamenter engersäits am September respektiv am Oktober och do d’Approbatioun scho komm ass, soudatt dës Konventiounen da kënnen a Kraaft trieden.

Merci un d’Kommissioun. Merci un d’Rapportrice. An ech si frou, datt dës Konventiounen kënnen gestëmmt ginn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6786 iwwergoen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6786 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 direkt an indirekt Participatiounen um Vott. 59-mol Jo, also Unanimitéit. De Projet ass domat ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes

Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, MM. Lex Delles, Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An d’Fro no der Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

D’accord. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen direkt zum Vott dann iwwergoen iwwert d’Konventioun mat Albanien.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6802 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Erëm eng kéier 59 Participatiounen. 59-mol Jo, also Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d’Chamber bereet, d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Jo, dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6833, eng Konventioun erëm eng kéier am Beräich vun der Sécurité sociale an dës kéier tëscht Lëtzebuerg an der Belsch. An de Rapporteur, den Här Georges Engel, huet d’Wuert.

12. 6833 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique sur la coopération et l’entraide administrative en matière de sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 5 février 2015

Rapport de la Commission du Travail, de l’Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, et geet hei ëm eng Konventioun, déi sech areit an eng ganz Rei vu Konventiounen, déi mer scho mat der Belsch hunn. Den Dépôt vum Projet gouf de 6. Juli 2015 gemaach, den Avis vum Conseil d’État ass vum 10. November 2015 an de Rapport hu mer dunn den 22. Februar 2016 an der Chamberskommissioun ugeholl.

Et geet ëm eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg an der Belsch iwwert d’Kooperatioun an déi administrativ Hëllef bei der Sécurité sociale.

Si komplettéiert, wéi gesot, déi besteeënd Kooperatioun a gesäit en Échange d’informations vun individuellen Dossiere vir. Dat ass net ze verwiessele mat enger Transmissioun vu Fichieren. Si moderniséiert a baut och déi besteeënd Kooperatioun aus.

Et geet hei haaptsächlech drëm - dat dierft eis alleguerten och interesséieren -, fir géint d’Fraude virzegoen, fir géint Feeler oder Abuse bei der Sécurité sociale virzegoen. Et renforcéiert dobäi dann och d’Moyenen, fir d’Kontroll ze maache bei enger Incapacité de travail. Och dat ass eng gutt Saach. An et soll jo och kee vun dem System abuséieren. Déi Leit, déi e Recht drop hunn, sollen e Recht drop hunn, mä déi, déi abuséieren, sollen dann och besser kontrolléiert ginn, fir datt mer déi Abuse kënnen ofstellen.

Bei engem Land, wat a Regiounen agedeeelt ass, ass dat net ëmmer esou einfach. Mir maachen hei eng Kooperatioun mat dem Land an net mat de Regiounen. An dat stellt an der Praxis awer e reelle Problem duer. Duerfir, zum Beispill d’Prestations familiales, déi goufen hei och net considéiert, well soss hätt ee missen déi véier Regiounen passéieren an dat wär eng ganz laang a schwierig Saach ginn. Duerfir ass dat hei net mat derbäi.

Änlech Kooperatiounen wéi déi heite mat der Belsch hu mer och mat Frankräich. Mir hunn hei en Accord à l’unanimité an der Kommissioun gehat.

Ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Engel. Kann ech dervun ausgoen, dass bei dësem Projet...?

(Interruption)

Den Här Eischen.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Jo, mat dem Gesetzesprojet 6833 - an och mat de Projekte 6786 an 6802 - intensivéiert Lëtzebuerg effektiv säin automateschen Informationsaustausch vun den individuellen Dossieren an der Sécurité sociale, ebe mat der Belsch, wéi mer elo grad héieren hunn, an och mat Japan a mat Albanien. Esou Konventiounen hëllefen, déi bilateral Kooperatioun an der Sécurité sociale, déi Lëtzebuerg mat deene Länner huet, ze verstärken.

Opgrond vun eise ville belsche Frontalieren, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, mengen ech, sollt een dat och ënnersträichen. Do ass virun allem d’Konventioun ebe mat der Belsch e wichteg Instrument, fir den automateschen Informationsaustausch um administrativen Niveau ze vereinfachen an ze moderniséieren, fir och allgemeng verstärkt géint de Bedruch an d’Abusen an der Sécurité sociale esou kënnen virzegoen.

Aus deene Grënn, ënner anerem, gëtt d’CSV-Fraktioun den Accord zu deenen dräi Projeten eran. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Eischen.

Weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Den Här Minister wann ech gelift.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Jo, ech wollt dann hei och profitéieren, fir engersäits dem Rapporteur Merci ze soe fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport, och der Kommissioun, déi dës Konventioun, déi mer hei erstallt hunn, relativ schnell och duerchgekuckt huet, soudatt mer och haut kënnen zum Vott kommen.

Ech mengen, hei ass et richteg, hei ass eng Konventioun souzeseen, déi d’Entraide administrative zwëschen zwee Länner regelt, verbessert. Do muss ech soen, et ass eigentlech déi, déi sech ureit un esou eng, wéi mer se och, wéi scho gesot, mat Frankräich hunn. An ech mengen, bei eise villen Transfrontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, ass dat och e wichteg an e gutt Instrument, fir an deem ganze Kader vun effektiv de Kontrollen an de Frauden an den Abusen och kënnen déi néideg Kontrollen an déi néideg Échangen ze maachen.

An ech mengen, et ass ee Saz gefall vum Rapporteur, dee gesot huet, eis sozial Systemer wieren opgebaut, wéi mer all wëssen, op Solidaritéit. An eis Systemer si gutt! An ech mengen, déi, déi Abuse vun esou Systemer bedreien, déi maachen och Abus, mä net nëmmen Abus financier, mä déi maache virun allem och Abus de solidarité. An ech mengen, dofir